N°1493
Entrée le 08.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.11.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Energydrinks si bei Jugendleche ganz beléift. Si si séiss an den Design schwätzt besonnesch Jonker un. De Marketing ass staark op dës Zilgrupp ausgeriicht, sou dass de Konsum vun dësem koffeinhaltege Gedrénks staark an d'Luucht gaangen ass. Enger Ëmfro vum däitsche Forschungsinstitut "forsa" no drénkt an Däitschland all drëtte Jonken tëscht 14 an 18 Joer reegelméisseg Energydrinks.

Wéint deem héije Koffeingehalt bréngt dëse Konsum seriö Gesondheetsrisike mat sech. Besonnesch a Kombinatioun mat Alkohol oder bei sportlechen Aktivitéite kann et zu Häerzproblemer, Krämp oder Niereversoe kommen. En hallwe Liter vun engem Energydrink enthält eleng méi Koffein, wéi e Jonke vu 50 Kilo oder manner sollt an engem Dag drénken.

Konsumenteschutzorganisatioune fuerderen dofir e Verbuet, fir Energydrinks u Mannerjäreger ze verkafen. An enger Rei vun europäesche Länner gëtt et schonn entspriechend gesetzlech Aschränkunge vum Verkaf vun Energydrinks, wéi zum Beispill a Polen, Rumänien, Litauen a Lettland.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen stellen:

- Gëtt et zu Lëtzebuerg Donnéeën, wéi de Konsum vun Energydrinks vu Kanner a Jugendlechen sech an de leschte Joren entwéckelt huet?
- Wéi schätzen d'Ministeschen de Gesondheetsrisiko vun Energydrinks fir d'Gesondheet vu Jonken an?
- Ass d'Madamm Gesondheetsministesch der Meenung, dass zu Lëtzebuerg de Verkaf vun Energydrinks u Mannerjäreger sollt verbuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

Paulette Lenert
Deputéiert

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu